



Lëtzebuerg an der Logementskris

Fir d'CSJ ass a bleift déi enorm Hausse vun den Immobiliëpräisser ee vun de gréisste Problemer fir eist Land. An dat net nëmme well et ëmmer méi schwéier gëtt als Jonken oder manner Jonke sech seng eege véier Wänn hei zu Lëtzebuerg ze lounen oder ze kafen, mee och well dës Präisexplosioun d'Leit an d'Aarmut dreift, der Kompetitivitéit vum Land schued a fundamental Gerechtegkeetsfroen opwerft. Iwwert déi lescht 7 Joer sinn d'Präisser tëschent 7-8% pro Joer an Luucht gaangen, an d'lescht Joer sinn d'Präisser esouguer ëm 14% geklommen trotz enger globaler Pandemie wou d'Wirtschaft staark Aboussen hat; dat kënnen mir als Gesellschaft net méi hin huelen.

Déi aktuell blo-rout-gréng Regierung kuckt deem Problem scho während bal 8 Joer no ouni e seriöse Gesetzestext anzerechen fir dës Präisexplosioun ze bremsen oder entgéint ze wierken.

Lëtzebuerg ass op engem Punkt ukomm, wou Mesuren déi dëser Kris eventuell nach virun 10 Joer hätte kéinten entgéintwierken elo net méi duer ginn. Dowéinst brauch Lëtzebuerg elo temporär méi staark Mesurë fir déi Entgleisung vun de Präisser op dem Immobiliëmarché ze bremsen. An enger zweeter Phase ass et immens wichteg méttel a laangfristeg Léisungen ze fannen fir dësem Problem konsequent entgéint ze wierken. Punktuell Adaptatiounen ginn net méi duer an d'Regierung muss hier Verantwortung iwwerhuelen.

Fir d'Offer vu Wunnngen an Luucht ze drécken, brauchen mir dréngend:

- Eng national Spekulationstax op Bauland dat net bebaut ass an op Wunnngen déi éidel stinn. Dës Tax muss progressiv mat der Zäit un Entwécklungen ugeapsst ginn. Et geet dorëms e fiskaleschen Drock opzebaue fir d'Propriétaire vun eidelstoenden Terrainen am Bauperimeter dozou ze beweegen dëst ze bebauen, an d'Offer vu Wunnngen doduerch an d'Luucht ze drécken.
- Eng Bestéierung vun den massiven Plus-Valusen, déi entstinn wann en Terrain vun de Gemengen a Bauland emklasséiert gëtt. Et gëtt kee Grond firwat ee soll Verméigend gi wann decidéiert gëtt am Sënn vun der Allgemengheet datt engem säin Terrain elo bebaubar ass.
- D' Reform vun der Grondsteuer zäitno ëmsetzen an dës zousätzlech mat da Aféierung vun der nationaler Spekulationsstéier.
- Eng Erweiterung vum Bauperimeter a verschidde Phasen duerch déi sekotriell Landesplang op deene Plaze wou et sënnvoll as. De Logement soll hei eng zentral Platz anhuelen.



Dës steierlech Mesurë musse gekoppelt ginn u Mesuren déi de Keefer a Mieter direkt entlaaschten an den nächsten Joeren:

- Bei enger (physescher) Persoun déi eng Wunneng oder en Haus méi wéi 2 Joer als Hauptwunnsetz bewunnt soll den droit d'enregistrement wegfaalen.
- Existéierend Staatsgarantie mussen de Jonke méi bekannt gemaach ginn D'Aides au logement musse vereinfacht an den aktuellen Präisser ugepasst ginn.
- De Staat, d'Gemengen a déi ëffentlech Bauträger musse méi erschwénglech Wunnengen op de Maart bréngen wéi si dat bis elo gemaach hunn, souwuel am Locatiounsmarché wéi a Form vun enger Vente emphyotique. An deem Kontext soll de Staat iwwert déi nächst 5 Joer 1 Milliard Euro an den Bau vun Wunnengen a Kaaf vun Terrain investéieren.

Mir wëllen ënnersträichen datt et eis dorëms geet d'Margen an d'Spekulatioun op deem Marché erauszehuelen. Als CSJ si mir eis bewusst dat dës en aussergewéinlechen Agrëff an de fräie Marché ass, mee wann d'Präisser ëm 10% pro Joer klammen, dann ass dës justifiéiert fir esou nach gréissere Schued ofzewenden. D'Konsequenzen vun der dramatescher Hausse vun den Präisser wäert an Zukunft d'Scheier teschend Aarm a Räich weider auserneeen driewen. Mir riskéieren an den nächsten Joren och, dat vill Leit net méi bereet sinn zeréck op Lëtzebuerg ze kommen no hirer Ausbildung an domat verléieren mir qualifizéiert Leit déi Lëtzebuerg an enger globaliséierender Welt brauch.

Mir wëllen ënnersträichen datt et eis dorëms geet d'Margen an d'Spekulatioun op deem Marché erauszehuelen. Als CSJ si mir eis bewusst dat dës mesuren aussergewéinlech sinn, mee wann d'Präisser ëm 10% pro Joer klammen, dann sinn dës justifiéiert fir esou nach gréissere Schued ofzewenden. D'Konsequenzen vun der dramatescher Hausse vun den Präisser wäert an Zukunft d'Scheier teschend Aarm a Räich weider auserneeen driewen. Mir riskéieren an den nächsten Joren och, dat vill Leit net méi bereet sinn zeréck op Lëtzebuerg ze kommen no hirer Ausbildung an domat verléieren mir qualifizéiert Leit déi Lëtzebuerg an enger globaliséierender Welt brauch.

Ugeholl um CSJ Online-Kongress 2021